

**Embargo bis den 19. November 2019 um 20 Auer**

(Et zielt dat geschwate Wuert)

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech sinn frou dat Dir all haut den Owend dem Appell vun der CGFP, dem OGBL an dem LCGB esou zahlreich nokomm sidd, well mir dach an enger aussergewöhnlecher a bedenklicher Situatioun sinn.

Eng Situatioun, déi net nëmme schlëmm fir d'Gewerkschafte, mee och fir all Salariaé hei am Land extrem bedreelech ass.

Et geet hei net nëmme em déi Ausso, déi de Porte-Parole vun der UEL den 18. September am Comité Permanent du Travail gemaach huet a mat därer hien eisen Tripartitemodell op en Enn wëll bréngen.

Et geet hei och net ëm déi konfus a falsch Aussoen, déi duerno an der Presse gemaach ginn sinn.

Dialogéieren, mee net negociéieren! Seet de Porte Parole vun der UEL.

E modernen zäitgeméisse Sozialdialog fuerdert de Porte Parole vun der UEL.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Fir et direkt ze soen, dës Aussoen vum Porte Parole vun der UEL, sinn falsch, inkompetent an kënnen déi wierklech Problemer vun dësem „Fleuron“ vum Lëtzebuurger Patronat nëmme ganz schlecht verstoppen.

Et geet deem Personnage an sengen Wasserträger ëm net Méi an Manner, wéi dofir ze suergen, datt den Lëtzebuurger Sozialmodell op en Enn kënnt.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

De Porte Parole vun der UEL geheit de Gewerkschafte fir, „spuersam mat der Wouerecht ëmzegen“.

Ech lancéieren haut den Owend en Appell un d'UEL:

**Dir Damen an Dir Hären, kommt elo endlech mat der Wouerecht eraus an sot den Salariaéen an dësem Land, wat Är wierklech Motivatioun ass!**

Nämlech déi, eise Sozialmodell futti ze schloen.  
D'Aarbechtsrecht mat Féiss ze trëppelen.

D'sozial Ofsécherung, eis Gesondheetskeess, eis Pensiounen an déi aner Sozialtransferte kënnen ofzeschaffen oder op mannst drastesch zeréckzefueren.

En Instrument ewéi Tripartite, dat an de leschte 4 Joerzénge dofir genotzt konnt ginn, datt Krise Lëtzebuerg net nëmme manner staark getraff hunn ewéi aner Länner, mee wat am Contraire dofir gesuergt huet, datt eise Sozialmodell gestärkt aus all Kris komm ass.

Esou en Instrument muss an der Logik vum Här Buck natierlech zu alleréischte ewech.

Keen Aarbechtsrecht, keng Soziallaaschten an, wann méiglech, och quasi keng Steiere méi fir d'Betribler.

Dat ass d'Revendicatioun vun de « Kapitaliste à la luxembourgeoise ».

Déi Logik beweist d'Inkompetenz vun der UEL, well och d'Betribler ganz staark vum Tripartitesmodell profitéiert hunn, mat Soziallaaschten, déi extrem niddreg sinn, wann een se mat de Nopeschlänner vergläicht an mat engem soziale Fridden, deen sengesgläichen an ganz Europa sicht.

Den LCGB weist esou eng krank Logik zeréck.

Fir et direkt kloer ze soen. Mir Wäerten dës Approche mat all Moyene bekämpfen, déi eis zur Verfügung stinn.

### **Mee Kolleeginnen a Kolleegen,**

Do gëtt et och nach en drëtten Acteur am Tripartitemodell.

Dësen Acteur ass d'Regierung, an déi Regierung ass fir de Moment roueg, vill ze roueg.

Et geet net, datt hei den Aarbechtsminister mat sengen Efforte fir den Tripartitemodell ofzesécheren, eleng am Reen stoe gelooss gëtt.

Mir wëllen dem Aarbechtsminister eis Ënnerstëtzung bei sengen Demarchen zousécheren an mir fuerderen déi ganz Regierung op, sech mat hirem Aarbechtsminister an dësem Dossier ze solidariséieren.

Am anere Fall, am Fall wou d'Regierung näischt mëscht, gëtt si gewollt oder ongewollt zum Komplize vum soziale Vandalismus vun der UEL.

Dobäi muss een sech jo haut Fro stellen, firwat déi Hären Kinsch, Wurth a Rommes sech dann jorelaang mat de Gewerkschaften an sëllegen Tripartitte fir d'Wuel vun dësem Land agesat hunn, an op dat, wat vun deenen deemolege Patronatsvertrieder verhandelt ginn ass, ieren net am Interêt vum Patronat war?

Huet d'Aarbecht vun deene Leit näischt gedaacht?

Ass d'Patronat vun deene Leit esou schlecht vertrauede ginn?

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

En éischten Aperçu vun dëser neier Patronatsapproche hunn mir jo zerwéiert kritt, wéi et em Demande vum OGBL an LCGB giong, fir eng Stoltripartite anzeruffen.

Déi Responsabel vun der ArcelorMittal waren sech jo net ze schued, fir dem Aarbechtsminister ze erklären, d'Siderurgie wier net an der Kris an dofir géif et och kee Besoin, fir eng Stoltripartite ginn.

214 Aarbechtsplazen, déi zu Belval an Déifferdeng verschwannen, wann dat keng Kris ass, dann sollen déi Responsabel vun ArcelorMittal hire Salariéen eemol erkläre, wat dann eng Krise ass?

E Betrib deen mat den kollektiven Efforte vum ganze Land gerett ginn ass, ass haut de Responsable vun der ArcelorMittal mol net méi den Effort wäert, fir zu 3 no Léisungen am Sënn vun de Leit ze sichen.

Natierlech ass d'UEL haut och dëser Meenung, well soss misste jo och enges Dages Léisungen, also Alternativen zum Chômage, fir déi betraffe Salariéë vun RBC (300) oder Mahle-Behr (80) fonnt ginn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Déi skandaléis Politik vun der UEL kënnt dann och zu engem Moment, wou mat der Digitalisatioun d'Erausfuerderunge fir d'Salariée enorm zouhuelen.

Mir sinn Dagdeeglech mat enger déifgräifender Mutatioun vun der Aarbecht an der Aarbechtswelt konfrontéiert. Mir brauchen also en Instrument wéi den Comité Permanent du Travail et de l'Emploi, wou mir op déi Defien an déi deementspriechend Problemer Äntwerte kënnen fannen.

Dofir hunn déi 3 national representative Gewerkschaften decidéiert, zesummen an der Plattform Travail 4.0 alleguerten hir Iwwerleeungen, Propositionen a Revendicatiounen ze bündele, fir Léisungen am Interêt vun de Salarié an hiren Aarbechtsplaze kënnen op de Wee ze bréngen.

## Et geet hei ëm 6 grouss Themenbléck:

### 1.

Zu alleréisch d'Aarbechtsrelatioun, déi duerch nei digital Forme vun der Aarbecht: Plattformarbecht, Teletravail, Shared economy impaktéiert gëtt.

Mir fuerderen an dësem Kontext eng Neidefinitiouen oder op mannst d'Upasse vun der Definitiouen vum Salarié, vum Employeur an vum Aarbechtskontrakt.

Am Kader vun der Plattformarbecht, wéi bei all nei digital Aarbechtsform, brauche mir prezise Definitioune vun de Rechter an de Flichte vum Prestataire a Client.

Mir fuerderen dobäi ganz kloer, datt précaire Aarbechtsrelatioune musse verhënnert ginn duerch e kloer legale Kader:

- Faux indépendants (Uber / Botzfraen) mussen evitéiert ginn;
- CDI muss Reegelkontrakt bleiwen;
- Keng Flexibiliséierung vum CDD (Frequenz, Längt);
- Keng weider Förderung vum Interim also keen CDI Interim.

Mir fuerderen Dateschutz / Schutz vun der Privatsphäre vum Salarié:

- Keng Iwwerwaachung an der Fräizäit duerch den Employeur;
- Kloer an prezise Direktive, wat d'Erfaassen, d'Bewäerten an d'Späicherung vun den digitalen Donnéeën ugeet;
- Besonnesch bei der Geolokalisatioun an Telefonslëschte muss opgepasst ginn;
- Eng ganz restriktiv Handhabung vun der Videoiwwerwaachung.

### 2.

En zweeten Themeberäich betrëfft d'Ofsécherung vun den Existenzen an den Aarbechtsplazen:

- Ofsécherung géint Krankheet (78 Wochen) an d'Aarbechtsverloscht a Verbesserung vum Reclassementsgesetz ass néideg;
- Bessere Kënnegungsschutz;
- Moosnamen a Strukturen, déi Leit, déi de verännerten Ufuerderungen um Aarbechtsmarché net méi mathale kënnen, Alternativen zum Chômage bidden z.B. travaux d'utilité publique;
- An deem Hibleck och eng Reform vun der Gesetzgebung betreffend den Plan de Maintien de l'emploi, Plan social an de Failliten.

### 3.

#### En drëtte Volet ass deen vun der Formation initiale et continue:

Formation continue muss un déi nei Realitéit vun der Digitaliséierung ugepasst ginn. Als Beispill géif ech hei gäre Formatioun sur le tas nennen, déi eng méi staark Roll wäert spillen.

An deem Kontext muss dofir gesuergt ginn, datt et net zu engem digitale Broch an eiser Aarbechtswelt an an eiser Gesellschaft kënnt.

Mir fuerderen dofir en Urecht vir all Salarié op e gewëssen (10) %-Saz vun Formatioun par Rapport zu senger Aarbechtzäit.

Mir fuerdere Reconversionsmesure fir Salariée, déi duerch Digitalisatioun vun Aarbechtsplazverloscht menacéiert sinn (Digital, Skills Bridge).

Och eventuell eng staatlech finanzéiert berufflech Auszäit, fir sech kënne berufflech nei opzestellen.

Ausserdeem muss Unerkennung vun den Acquis gereegelt ginn.

### 4.

#### En 4. Volet ass deen vun der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbechtsplaz.

Mir brauchen hei am digitalen Zäitalter eng nei Approche, déi nach méi Wäert leet op eng ergonomesch Gestaltung vun den Aarbechtsplazen.

Mir brauche méi Preventioun am Beräich vum Stress an de psycho-soziale Risquen, déi sech doraus erginn, an awer och an der Evaluatioun vum Ëmgang mat kribberreegende Stoffen an Substanze.

Mir brauche sécherlech och eng nei Beschreiwung vum Zesummespill / Fonctionnement vun der Aarbechtsmedezin an den Contrôle médical, fir sécher ze stellen, datt de Salarié am Fall vu Krankheet net téschent zwee Still fällt.

### 5.

#### En 5. Volet ass deen vun der Aarbechtzäitorganisatioun oder der Conciliatioun téschent Aarbechtzäit an Familljeliewen / Fräizäit.

Mir fuerderen hei méi Flexibilitéit am Sënn vum Salarié duerch Aféiere vun neien Aarbechtzäitmodeller, déi zu enger Aarbechtzäitverkierzung kënnen feieren, Horaire Mobilen an och besonnesch bei atypeschen Aarbechtzäitmodeller eng méi grouss Berécksiichtegung, wat d'Gesondheetsaspekter ugeet.

Eng Aarbechtsorganisatioun, déi dann och un déi nei Aarbechtsforme, wéi Teletravail oder Plattformarbecht, adaptéiert muss ginn.

Cogestioun um Niveau vun der Aarbechtszäitplaanung.

En Urecht op temps partiel mat Droit de retour.

En Urecht op Déconnexion fir de Salarié.

An eng generell Diskussioun iwver eng Aarbechtszäitverkierzung, wann duerch Digitalisatioun, esou wéi erwaart, weider massiv Produktivitéitsverbesserungen erreecht ginn.

**6.**

Schlussendlech viséiere mir och eng Reform vum Kollektivvertragsgesetz.

Mir wëlle Kollektivvertrëg hei am Land stäerken an den Taux de couverture vun de Kollektivvertrëg eropsetzen.

An mir brauchen, wéi scho gesot, nei Elementer vu Cogestioun am Kader vun den Aarbechtszäiten an den Betriber.

### **Kolleeginnen a Kolleegen,**

Mir hunn eis gutt opgestallt a sinn eis de kommenden Erausforderunge bewosst an domadder och der Responsabilitéit, déi mir an dësem Dossier droen.

Responsabilitéit iwverhuelen heescht awer dann eben net, d'Politik vum eidele Stull mëssbrauchen oder sech aus fadescheinige Grënn den Verhandlungen ze entzéien.

Responsabilitéit iwverhuele bedeit dann awer och fir d'Patronat, e kloren Bekenntnis zum Lëtzebuerger Sozialmodell.

### **Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den Owend musse mir eis kloer ginn, datt dëst Land am Sozialdialog virun engem déifgräifendem Choix steet.

Dëst Land konnt sech nëmmen ekonomesch a sozial an de leschte Joerzénge esou staark entwéckelen, well an decisive Momenter, Léisungen am Interêt vun de schaffende Leit an den Aarbechtsplaze konnt fonnt ginn an domadder der ganzer Economie zegutt komm sinn.

Entweder setzt sech de gesonde Mënscheverstand duerch oder mir müssen als Gewerkschaften eis Geschierkëscht adaptéieren.

Den LCGB wäert an dësem Kontext fuerderen, d'Streikrecht ze vereinfachen andeems éischtens hei am Land de Warnstreik mat engem Preavis vun 48h agefouert gëtt an zweetens am Fall vun Kollektivvertragsverhandlungen de Gewerkschafte komplett Aktiounsfräiheet ze ginn, esou bal wéi d'national Schlichtungsamt befaasst ginn ass.

Den LCGB wäert sech doriwwer eraus ganz eng mat de Kolleegen vun der CGFP an dem OGBL konzertéiere, fir d'Rechter vun den Salariéen hei am Land ze schützen.

Dir Damen an Häre vun der UEL, eisen Tripartitemodell futti ze schloen, d'Resultat vun deene leschte 40 Joer an Fro ze stellen, den Sozialmodell wëllen ze kippen, dat ass nun wierklech keng Leeschtung vum Lëtzebuerger Patronat.

Nei Iddien ausschaffen, eise Sozialmodell kreativ weiderzebréngen, eventuell den Tripartitemodell weiderentwéckelen, fir op Besoin vun den Salariéen an den Betriber méi schnell an méi effikass ze reagéieren, dat ass déi wierklech Erausforderung virun der mir haut stinn.

Allerdéngs, schéngt et haut och esou ze sinn, datt et de Patronatsvertrieder hei kloer un Kompetenze feelt an si einfach ze schwach ginn sinn, fir esou en Exercice ze reusséieren.

### **Kolleeginnen a Kolleegen,**

Egal wéi dat elo ass.

Mir si bereet, bis op d'äusserst ze goe fir eise Sozialmodell, fir d'Interête vun alleguerten de Salariéen hei am Land ze beschützen.

Sozialofbau an Dumping ass mat eis net dran.

Vive alleguerten d'Salariéen déi hei am Land schaffen!

Merci fir är Opmierksamkeet.